



„An der Uecht - Mémoire collective locale“



E Stéck Geschicht fir d'Zukunft erhalen

„An der Uecht“ zu Rolleng, dat klängt e bëssen ewéi e Sproch aus vergaangenen Zäiten. Ween sech heihinner verluer huet, dee stoung bis viru kuerzem ënner dem Androck, datt hei d'Zäit stoe bliwwen war. D'Raimlechkeeten, wou fréier d'Hären ënnerbruecht waren, goufen uschléissend vun den Oeuvres paroissiales fir d'Organisatioun vun hirem Parfest genotzt iwwerdeems eng etlech kathoulesch Veräiner hir Versammlungen hei ofgehale an déi kierchlech Instanzen d'lesse um Firdag am Haus organiséiert hunn. Mee esouwuel bannt ewéi bausst dem Haus huet et an der Lescht wäit vu schéin ausgesinn. Et gouf Zäit, datt eppes op dëser Plaz geschitt ass.

An et huet sech esou munches hei geden! 2013 ass d'Kierchefabrik vu Rolleng un déi Péitenger Gemeng erugetrueden an huet gefrot, ob d'Gemeng bereet wier fir sech an Zukunft ëm dëst Lokal ze këmmen. Dës Ufro huet sech als Glécksfall erweisen, well d'Raimlechkeete vun de Geschichtsfrënn am Kulturhaus 'A Rousen' aus allen Néit geplatzt sinn an eng nei Bleif fir d'„Mémoire collective locale“ gesicht gouf. Do louch et op der Hand fir dat aalt Paschtoueschhaus nees op de leschte Stand ze bréngen. A fir genuch Raum ze schaffe gouf d'Haus net nëmmen erneiert, mee och nach erweidert.

Haut, knapp zwee Joer nodeems de Gemengerot d'Aarbechten eestëmmege genehmet huet, hunn d'Raim an d'Regaler sech gutt

gefëllt, an d'Geschichtsfrënn kënnen elo hir Ënnerlagen, déi si an all deene Joren zesummegebroen hunn, esou klasséieren an erhalen ewéi dat fir esou wichteg Dokumenter erfuerdert ass. Duerch d'Erneierung, awer och besonnesch d'Vegréisserung vum Raum, deen an dësem Gebai zur Verfügung steet, ass et net nëmme méiglech sämtlech gesammelt Stécker optimal ze stockéieren, ma et deet sech hei d'Méiglechkeet op, Ausstellungen op d'Been ze setzen, déi de Bierger dobaussen eis ganz eege Geschicht méi no kënnen bréngen. Doriwwer eraus ass dëst Haus awer och – ewéi dat schonn zu Péiteng op der Maartplaz de Fall war – freides op fir de Leit bei hirer Sich no Dokumenter ze hëllefen.

Bis dat alles wéi „am Schnürchen“ leeft, heescht et, vill Zäit a Gedold matbréngen, well dat ganz Material muss jo op déi richteg Plaz kommen, an dat geet net vun haut op moar. Esou wéi bei all Plänneraktioun.

Um Enn huet et sech awer gelount, datt d'Gemeng ronn 1,1 Milliounen Euro an dat aalt Paschtoueschhaus an a seng Alentouren investéiert huet. En historiescht Gebai gouf erhalen a wäert eng Ulafstell si fir déi zukünfteg Generatiounen, déi, genee wéi mir, wësse wëllen, wéi et da fréier emol war.

Pierre MELLINA

Buergermeeschter vun der Péitenger Gemeng

D'Paschtoueschhaus – e Réckbléck an eng aner Zäit

Dat heitegt Geschichtshaus „An der Uecht“ gouf zesummen mat der Duerfschoul 1886 gebaut. De Schoulmeeschter Jean Linden vu Rolleng hat nämlech am Joer 1881 e Reklamatiounsbréif un den deemolegen Inneminister geschéckt an hien op déi katastrofal Zoustänn an der Rollenger Schoul opmierksam gemaach. Allerdéngs koum et dunn an der Gemeng zu Divergenzen. Den 10. Abrëll 1884 gouf eng Konventioun mat dem Bauer Dominique Bosseler vu Blaschent (Gemeng Luerenzweiler) ënnerschriwwen fir de Kaf vun engem Terrain genannt „an der Uecht“ fir e Präis vun 3.050 Frang. D'Enterprise Jean-Nicolas a Jean Logelin vun Déifferdeng gouf mat den Aarbechte beopträgt. Den 1. August 1889 huet den Architekt



Kemp aus der Stad dat neit Schoulgebai an dat neit Paschtoueschhaus offiziell ofgeholl.

D'Baukäschten hunn sech deemools ob 20.400 Frang fir d'Schoul an 13.000 Frang fir d'Paschtoueschhaus belaf. Dëst Paschtoueschhaus war net dat éischt hei zu Rolleng, 1795 gouf et schon en éischt Haus fir de Paschtouer, an dat gëtt et haut och nach, an zwar handelt et sech ëm d'Haus Nr. 1 an der Grousstrooss, wou een iwwer der Dir nach déi Réimesch Zuele vum Baujoer 1795 gesäit.



D'Paschtoueschhaus „An der Uecht“ war d'Doheem vun 10 Hären, ugefaange mam Paschtouer Schock Thomas (1882-1895). Dee leschten Här, deen hei gewunnt huet, war den Emile Post an de siwwenzeger Joren. Aus senger Siicht eraus gesäit a fillt een, wéi et fréier emol hei ausgesouch:

“... Viru mer läit d'Paschtoueschhaus an de grouse Gaart derniewent mat dem Bongert an der laanger Heck. E Stéck Gewan, mat dem Bierg duerch eng Wiss verbonnen. Munnech roueg an zefridde Stonnen hunn ech mat Schaffen a Raschte verbruecht. Esouguer Kanéngercher a Fasanen hunn sech do erëmfonnt wann se virwëtze koumen. Hannert dem Haus deen ale Kiischtebam, eng Freed fir d' 'Märelen, fir d' Bouwe beim Porfest an och vir den Här selwer...”

Dann déi al Schoul, e Paradäis vun de Bouwen fir eng ze stiichten, oder fir ofzerappen. Si war ze kleng ginn, ewéi esou munches am Duerf, dat an e puer Jorzéngte aus sengem grénge Kader erausgewuess ass ...

E puer Meter méi déif krauche Schinnen laanscht den Hank. Si hunn neit Liewe kritt zanter dass den Zichelchen mat de Wagonen voll Touriste vu Fond-de-Gras bis an de Fuuss Bësch fiert...”

E Stéck Vergaangenheet, erzielt mat enger Pouz Nostalgie. Nodeems dee leschten Här d'Gebai verlooss hat, gouf et iwwer Jore just nach vun den Œuvres Paroissiales benotzt ier d'Kierchefabrik vu Lamadelaine offiziell am Joer 2013 gefrot hat fir d'Gestioun op d'Gemeng ze iwwerdreien.



D'Aarbechten um Paschtoueschhaus

Nodeems deen alen Ubau an dee klenge Schapp ofgerappt gi waren, steet elo op där Plaz en neien Ubau, deen eng Isolatiounsfassad esouwéi eng hëlze Verkleedung krut, déi no den aktuellen Energiebestëmmunge geplangt a gebaut gouf. Zur Fassad sief och nach gesot, datt déi vum alen Deel erhale konnt ginn. D'Natursteng goufe gebotzt an traitéiert, de Rescht vun der Fassad ass ugestrach ginn.

Deen neien Ubau gouf mat deem alen Hauptgebai, dat erhale konnt ginn, verbonnen, esou datt elo ee ganz neie Komplex mat engem méi grouse Volumen zur Verfügung steet. Dee modernen Ubau ass behënnertegerecht ageriicht mat sengem Lift an deen entspreche Sanitäranlagen, esou datt jiddereen Zougang zu deenen zwee Deeler huet.

Am Hauptgebai goufen déi al Holzplafongen erausgerappt an duerch Betonsdallen ersat, déi hiren Deel zur Stabilitéit bäigedroen huet. D'Betonstrap, déi an engems gebaut gouf, huet zousätzlech dozou bäigedroen, datt d'Sécherheetsbestëmmunge respektéiert sinn. All dës Aarbechte sinn och vun der „Sécurité dans la Fonction publique“ guttgeheescht ginn. Um Buedem leie Plättercher an Holzoptik, déi de Stil vum Haus ergänzen.



En „Highlight“ vum Haus ass awer sécherlech de Keller; wou déi al Wänn am Originalzoustand gelooss goufen an en Ubléck derwäert si well déi „gewölbte Keller“ bestoe bloufen.



Den Daach gouf kontrolléiert an et hu mussen e puer Schieferleeën ersat respektiv bäigesat ginn iwwerdeems d'Charpente nach an der Rei war a just traitéiert gouf.



D'Fënsteren, fir déi elektresch Rollueden agesat goufen, an d'Dire sinn alleguer ersat ginn.

Bei den Aarbechte ronderëm dëst historiescht Gebai gouf och en ale Pëtz just virun der Entréesdir entdeckt, deen a sengem Zoustand stoe gelooss gouf. Eng déck gliese Plack gëtt de Bléck an d'Déift fräi.





D'Andeelung vum renovéierten Haus

Nieft dem Accueil an der Entrée vum ale Gebai ginn et hei Ausstellungsraum um Rez-de-Chaussée an um I. Stack iwwerdeems am Gank Vitrinë kënnen opgestallt ginn. E grouse Projektionssall an der Annexe bitt Plaz fir ronn 30 Leit, déi sech hei z.B. e Film kënnen ukucken. Dozou muss gesot ginn, datt nach esou munch al Kasset op CD muss iwwerspilt ginn, wat awer selbstverständlech och virgesinn ass an nächster Zukunft. Hei kënnen och Schouklasse empfangen oder kleng Manifestatioune vun der Gemeng organiséiert ginn. Doriwwer eraus stinn ë.ä. nach Raimlechkeete fir Versammlungen, fir de Stockage vu Material, en Technikraum, en Heizungsraum an eng Kichen zur Verfügung.

Fir datt d'Leit sech besser erëmfanne kruten d'Säll och Nimm, an zwar:

- Säll „Tételbiërg“ um Rez-de-Chaussée
- Säll „Um Klopp“ an „Hierschtbiërg“ um I. Stack
- Säll „Fond-de-Gras“ um Späicher

Am Ausseberäich steet eng Sail mat der Opschrëft „An der Uecht – Mémoire collective locale“.





D'Gemengeservicer um Wierk

Datt et net ëmmer ouni extern Handwierksbetriber geet, dat ass wuel bekannt. Esou huet d'Gemeng och nieft den Aarbechten, déi si vun den eegenen Servicer maache gelooss huet, op extern Leit zeréckgegraf.

Um Ufank huet de Service Projets vun der Gemeng d'Pläng gezeechent fir eng Richtlinn ze weisen, wéi d'Haus kéint ausgebaut ginn.

De Parkservice huet sech ëm d'Planze ronderëm d'Haus gekëmmert.

De Service „Bâtiment“ war bei de Plënneraktiounen aktiv an d'Mataarbechter hunn déi ganz nei Miwwelen opgeriicht iwwerdeems d'Leit aus der RMG-Grupp ganz um Ufank sämtlech Raim eidel gemaach hunn ier d'Aarbechte konnte ufänken.

D'Käschte vun der Renovéierung

Ronn **1,085 Milliounen Euro** hunn d'Erneierung zesumme mat dem Ausbau vum ale Paschtoueschhaus kascht.

Den 19.12.2014 huet de Gemengerot den Devis iwwer 935.000€ gestëmmt.

Den 18.12.2015 gouf en ugepassten Devis iwwer 1,085 Milliounen Euro vum Gemengerot guttgehescht.

En neie Sätz fir déi Péitenger Geschichtsfrënn

Aus der Ufankszäit

E Veräin an d'Liewen ze ruffen, deem seng Aufgab et wier, all historesch Dokumenter, Objeten, Filmer a Fotoen op enger Plaz ze sammelen an ze katalogisieren an esou eng kollektiv Mémoire vun der Péitenger Gemeng opzestellen, dat war d'Iddi, déi schonn an den 90er Joren hir Ronn gemaach huet, awer bis um Ufank vum 21. Jorhonnert net ëmgesat gouf.

Ënner dem deemolege Buergermeeschter Jean-Marie Halsdorf gouf mat de Schäfte Roland Breyer, Pierre Mellina a Simone Barnig an zesumme mat 5 Gemengeréit esouwéi 20 interesséiert Bierger eng éischt Versammlung den 29. Mäerz 2004 am Kulturhaus „A Rousen“ zu Péiteng ofgehalen. De Roland Breyer, ee vun de Grënnungsmember, huet d'Iddi vun engem Konzept virgeluecht an d'Statute vun der Associatioun geschriwwen. Vun der Gemeng haten d'Geschichtsfrënn dee grouss Sall um 2. Stack zur Verfügung gestallt kritt, deen si och ganz séier als neit Lokal ageriicht hunn. De 17. Januar 2005 gouf dunn d'Konventioun ënnerschriwwen, an där d'Zesummenaarbecht mat der Gemeng geregelt gouf. Dunn ass d'Aarbecht lassgaangen an et koum eng ganz Rei Material zesummen.

Lues a lues hunn d'Schief an d'Regaler, jo esouguer de Gank, sech gefëllt an de Volumë vun der Sammlung ass regelrecht explodéiert.

D'Raimlechkeeten am Kulturhaus zu Péiteng sinn aus allen Néite geplatzt. Et louch op der Hand, datt de Veräin méi e grousst Lokal zur Verfügung gestallt misst kréien. An esou war dat aalt Paschtoueschhaus zu Lamadelaine eng gutt Geleeënheet fir net nëmmen en historescht Gebai ze erhalen, mee et esou a Stand ze setzen, datt d'Geschichtsfrënn aus der Gemeng Péiteng en neit Doheem an domat och genuch Stauraum fir all déi gesammelt historesch Stécker kéinte kréien.

Nieft dem Sammelen an dem Archivéiere vun Dokumenter sollten d'Geschichtsfrënn eng Rei Bicher respektiv Broschüre verfaassen zu historeschen Themen, déi d'Gemeng Péiteng betreffen. Déi bekanntste Publikatioun ass sécherlech de Geschichtsfuerscher, wou déi lescht Editioun 2015 erauskoum.

Polyvalenz hanner historesche Maueren

Am Laf vun den Aarbechte si verschidden Elementer esou ausgebaut ginn, datt d'Haus och vill méi polyvalent genotzt ka ginn. Esou sollte Virlesungen oder Presentatiounen asw. mat agebonne ginn an d'Méiglechkeeten, déi sech „An der Uecht“ bidden.

Nieft den Aktivitéite vun de Geschichtsfrënn aus der Péitenger Gemeng kéint een sech och virstellen, datt Schouklasse am Kader vu Projeten oder historesche Recherchen hei en Abléck an Doku-



menter kéinte kréien. Doriwver eraus sollen och d'Bierger Zougang zu dësem Archiv hu wann si wëllen Informatiounen iwver eis Gemeng nosichen. Sief dat op Pabeier oder iwver Computer. Et besteet och d'Méiglecheet, Fuerschungsarbechten iwver déi lokal Geschicht ze maachen.

Eng weider Aufgab fir d'Geschichtsfrënn wäert doranner bestoen, dem breede Publikum d'Geschicht vun der Gemeng Péiteng iwver punktuell Ausstellungen, déi de Veräin organiséiert an zesummestelt, ze vermëttelen.



Vu Bicher, Broschüren a villes méi

Wann dat fréiert Paschtoueschhaus „An der Uecht“ ageweit gëtt, da wäert dee gréissten Deel vun den Dokumenter, Bicher, Fotoen, etc. an de Regaler stoen. Hei e klengen Ausbléck op déi Informatiounen, déi zur Verfügung stinn.

Iwwer Péiteng

Bicher an Dokumentatiounen
Fotoen
Broschüren a Bicher vu Veräiner
Dokumentatiounen a Bicher iwwer d'CFL an d'PH
Fotoe vun der CFL, der PH esou wéi vum Atelier Péiteng

Iwwer Rodange

D'Stolindustrie mat der Schmelz an de Minièren
Dokumentatiounen a Fotoen
Dossier Kollektivantenn

Iwwer Lamadelaine

Den Tételberg (Archäologie, Minièren)
D'Landwirtschaft
Fotoen an Dokumentatiounen

Zweete Weltkrich

Bicher an Dokumenter
'Rappel'-Broschüren

Projektiounssall

Filmer, CDen a Fotoen

Zäitschrëften

Revue, Cahiers Luxembourgeois, Nos cahiers,
Hémecht, Galerie, Péiteng Aktuell, Meng Gemeng,
Péitenger Wand (elo Luxwand)

Wéini ass „An der Uecht“ op fir d'Bierger?

Freides nomëttes tëscht 15.00 an 18.00 Auer.
Den éischte Freideg vun all Mount vu 15.00 bis 20.00 Auer.

Informatiounen iwwer e-mail (histpeta@pt.lu) oder per
Tel. 50 12 51-6004 resp. 661 891 407 oder 621 989 286
Internetsäit: www.geschichtsfrenn-peiteng.lu

D'„Corps de métiers“

THERMO CONCEPT S.A.

NETTOSERVICE

AMPERO S.à r.l.

GENISTA S.à r.l.

ATA - ALLIANCE TOITURES ARTISANALES

CARTE BLANCHE S.à r.l.

IC LUX

CARRELAGES DE CILLIA

PEINTURE DE LORENZI ED & FILS

EURO ETANCHEITE S.A.

FBL S.A.

ORONA LUXEMBOURG S.A.

CONCEPT 4

LUXFERMETURES

SAS-BAU LUX S.à r.l.

E.C.T S.à r.l.

HERZOG S.à r.l.

AUDIOPOOL

D3COORDINATION S.A.

REISERBANN PEINTURE ET DECORATION

FBL S.A.

DELUX MIWWEL S.à r.l.

BATI-CHAPES S.à r.l.





30.08.2017